N°2607
Entrée le 05.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister a vum Här Premierminister op d'parlamentaresch Fro n°2607 vum 15. Juli 2025 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert d'Inkompatibilitéiten vun de Familljemembere an der Chamber an an de Gemengeréit.

Huet den Artikel 131 vum Walgesetz nach Wierkung?

D'Fro gëtt an enger Note de recherche vum 5. Mäerz 2025 vun der Cellule scientifique vun der Chambre des députés beliicht. Dës kënnt zum Schluss datt den Artikel 131 vum Walgesetz net méi verfassungskonform ass.

Den Artikel 65, dee bei der Verfassungsrevisioun agefouert gouf, stellt d'Onvereenbarkeet tëschent dem Mandat als Deputéierten an der Funktioun als Member vun der Regierung oder als Member vum Staatsrot fest. En gesäit zousätzlech vir, dass Onvereenbarkeete vu Funktioune kënnen duerch e Gesetz ausgebaut ginn.

Am Kader vun sengem Avis vum 16. Mee 2023 iwwert eng Proposition de loi, déi ënner anerem eng Ännerung vum Artikel 131 vum Walgesetz virgesinn huet, huet de Staatsrot gemengt, dass d'Sträiche vum Artikel 55 (pre Revisioun) aus der Verfassung dem Gesetzgeber d'Méiglechkeet geholl hätt, weider Onvereenbarkeeten virzegesinn oder bäizebehalen – besonnesch déi betreffend Familljebezéiungen a Bestietnis, esou wéi se am Artikel 131 virgesi waren.

Huet den Artikel 196 vum Wahlgesetz nach Wierkung?

Den Artikel 196 vum Walgesetz gëtt appliziéiert.

Gëllt d'Reegel vun der Inkompabilitéit nach, wann zwou Persounen sech no der Zesummesetzung vum Gemengerot bestueden?

Laut Artikel 196, Alinea 5 vum Walgesetz gëllt: « Une alliance ou un partenariat survenu ultérieurement entre les membres du conseil n'emporte pas révocation de leur mandat. »

Muss ee vun de Partner oder Familljemembere bis zum drëtte Grad an deem Fall säi Mandat nom Bestietnis opginn?

Nee.

Ass d'Regierung der Meenung, dass den Artikel 196 am Aklang ass mam Verfassungsprinzip vun der Gläichheet virum Gesetz, wann ee bedenkt, dass zwee Familljememberen am nationale Parlament zesummen dierfe sëtzen, mee net am Gemengerot?

D'Inkompatibilitéit muss bestoe bleiwe fir ze verhënneren, dass eng Famill eng Emprise op de Gemengerot kritt.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Ass d'Regierung gewëllt fir eng Ännerung um Artikel 196 virzehuelen, fir méi Fairness tëschent nationalen an lokalen Mandatairen ze schafen?

Ech verweisen op d'Äntwert op déi zweet lescht Fro, d'Inkompatibilitéiten ginn an Zesummenaarbecht mam SYVICOL iwwerschafft.

Lëtzebuerg, de 5. August 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden